



► **M. le Président.**- Här Minister, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Ech folgen. A wann Der mer nach eng Minutt gitt, da kommen ech zur Konklusioun. Ech sinn eigentlech e bëssen enttäuscht iwwert déi Net-Haltung vun eise grénge Kolleegen. Si soen, si si fir den Établissement public. Si soen, si wäre fir eng ganz Rei vu Saachen, déi elo an deem Établissement public erakommen. An da soe se, mir enthalen eis awer! Dat enttäuscht mech e bëssen. Ech hat gemengt, dass och eis gréng Kolleegen, grad esou wéi mir, drun interesséiert sinn, fir e staarken Institut fir d'öffentlech Gesondheet hei ze schafen. An et ass just dat, wat mer maachen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ebe just!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Just dat, wat mer maachen. A wann ee seet, esou een Institut brauch déi noutwendeg Flexibilitéit, da soll een, wann ech gelift, deem neien Institut mat sengem neien Direktiounscomité, mat sengem Conseil scientifique, mat sengem Conseil d'administration, d'Geleeënheet ginn, fir sech dee Projet d'établissement ze ginn, dee se brauchen, fir den Erausfuerrunge kënnen ze begéinen, déi op se wäerten zoukommen.

E lescht Wuert zu der Preventioun. Ech mengen, d'Madame Lorsché huet net matkritt, dass et e ganze Koup vu Preventiounsprogrammer tëschent dem LNS an der Santé gëtt, vun där Zäit un, wou d'Kand nach net gebuer ass bis riwwer op d'Ëmweltmedezin, bis riwwer zu systemateschen Ënnersichunge vum Gebärmutterhalskriibs, an, an, an. Déi Preventivprogrammer, déi bestinn! Et kann ee selbstverständlech ëmmer neier derbäibréngen.

► **M. le Président.**- Här Minister, d'Minutt ass largement ofgelaf.

**(Interruptions diverses)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Ofschléissend, Här President, wëll ech all deene Merci soen, déi konstruktiv un deemem Projet matgeschafft hunn. Ech wëll deene Leit, déi ënner schwierige Verhältnissen dee Labo um Liewe gehalen hunn an eng exzellent Aarbecht gelescht hunn, en häerzleche Merci soen an hinne soen, dass se et verdéngt hunn, déi Aarbecht ënner gudder Konditiounen an Zukunft zu Diddeleng kënnen ze maachen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Minister.

Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6297 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

**(Brouhaha)**

► **Une voix.**- Keng Opposition, keng Opposition! Ech huelen alles zrëck!

► **M. le Président.**- Mir kucken dat no.

De Vote ass ofgeschloss. De Projet de loi 6297 ass ugehall mat 52 Jo-Stëmmen, géint 7 Enthaltungen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Jean-Paul Schaaf), Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Serge Wilmes), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par M. Ben Fayot), Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz,*

*Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.*

Ech ginn net dervun aus, dass een nach déi Enthaltung wëllt begrënnen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6368, eng Direktiv iwwert d'Rechter an d'Flichte vun den Zuchbenotzer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo just ageschriwwen: déi Hären Negri a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**(Brouhaha)**

► **Une voix.**- Den Här Negri huet fir eng Stonn!

**(Hilarité et brouhaha)**

**6. 6368 - Projet de loi déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (CE) n°1371/2007 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 sur les droits et obligations des voyageurs ferroviaires**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Obligatioun vun de Voyageurs ferroviaires ass ee Gesetz, wat den 22. November 2011 vum Nothaltegeektsminister déposéiert ginn ass. Den 8. Mee 2012 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn, an den 1. Dezember 2011 hat d'Kommissioun mech zum Rapporteur ernannt. De 6. Juni 2012 huet d'Kommissioun no der Analys vum Text an dem Avis vum Statsrot eng Serie vun Amendementer ugehall, déi de 26. Juni 2012 vum Statsrot aviséiert gi sinn. Mäi Rapport konnt duerno de 4. Juli ugehall ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deem Text leeë mir de Regime vun de Sanktiounen fest fir de Fall, wou een den Dispositiounen vum EU-Reglement 1371/2007 am Beräich vun de Rechte a Flichte vun den Zuchreesenden net nokënnt. Duerch dëst Reglement kréien d'Zuchreesend eng gewësse Rei vu Rechte zougesprach, dëst notament am Beräich vum Transport vu Leit mat engem Handicap oder Leit, déi schlecht ze Fouss sinn.

Doriwwer eraus befaasst d'Reglement sech awer och mat den Informatiounen iwwert d'Tariffer, d'Disponibilitéit vun de Billjeeën, de Reservatiounen oder den Entschedungen, op déi een Usproch huet, wann d'Gepäck géif verluer goen.

Zum Deel huet Lëtzebuerg dëst EU-Reglement schonn ëmgasat, nämlech duerch de Règlement grand-ducal vum 1. Dezember 2009, deem eng Derogatioun fir Lëtzebuerg virgesäit am Beräich vu verschiddenen Transportservicer bei der Bunn. Dëst Reglement vum 2009 huet och d'Communauté des Transports als kompetent Autoritéit agesat.

Am initialen Text vum virleiende Projet sinn zweeërlee administrativ Sanktiounen virgesinn, den Avertissement an d'Amende administrative, déi jeeeweils tëschent 250 an 10.000 Euro kënnen variéieren. Dës ginn natierlech der Gravitéit vun de Faite ugepasst an, wéi scho gesot, et ass d'Communauté des Transports, déi dee Pouvour de sanction huet.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer kuerz op d'EU-Reglement 1371 anzegoen. Hei gi verschidde minimal gemeinsam Regeln, déi iwwerall an der EU gëllen, festgehal, wéi zum Beispill d'Verspeidung oder d'Annullatioun vun engem Zuch, wann een an d'Vakanz geet, wou jo elo vill Leit drop waarden. Des Weideren ass virgesinn, dass d'Eisebunns-gesellschaften dru gehale sinn, d'Leit iwwer hir Rechte a Flichten ze informéieren an och d'Plaintekommissioun anzeriichten, well déi beschte Rechte a Flichte bréngen näischt, wann d'Leit net doriwwer Bescheed wëssen.

Et sief awer gesot, dass d'Memberlänner kënnen no transparenten an net diskriminatoresche Modalitéiten Derogatiounen virgesi fir den Eisebunns-service, déi sech op den nationale Réseau beschränken. Dës Derogatioun vu fënnef Joer ka maximal zweemol erneiert ginn. Am Ganze kann also 15 Joer eng Derogatioun erlaabt ginn. Fir déi Transportservicer am städteschen, suburbanen a regionale Beräich kann awer direkt eng Derogatioun vu 15 Joer ugefrot ginn.

Et gëtt awer och eng ganz Rei Dispositiounen vum Reglement, déi iwwerall obligatoresch

sinn, wéi d'Disponibilitéit vun de Billjeeën, d'Responsabilitéit vum Gepäck, eng minimal Versécherung gradesou wéi d'Recht op Transport fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit.

► **Une voix.**- E bësse méi seriö!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- A sengem éischten Avis huet de Statsrot festgestallt, dass duerch den Text vum Projet de loi d'Hiérarchie des normes net respektéiert gëtt an huet dowéinst eng Opposition formelle ausgeschat. Als Reaktioun op deem Avis vum Statsrot huet d'Chamberskommissioun ënner anerem den Artikel 2 gestrach an och verschidden Dispositiounen zu den administrative Strofen ofgeännert. Opgrond heivun huet de Statsrot a sengem Avis complémentaire säin Accord zum Projet ginn.

Dësen Text gëtt all Zuchreesenden a virun allem de Reesenden, déi net gradesou mobil sinn, eng Rei Garantien a stellt dofir op alle Fall eng richtig Verbesserung duer, an ech géif hoffen, dass d'Chamber deem Projet eestëmmeg kéint zoustëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Spautz, deem déi Kéier esou komplett war, dass ech mech froen, ob nach onbedéngt do eppes ze soen ass.

**(Hilarité)**

Wann dat net de Fall ass, géife mer ofstëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6368 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss.

**(Brouhaha général)**

De Projet de loi 6368 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Serge Wilmes), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert (par M. Marc Lies), Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);*

*MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zu eisem leschte Projet de loi vun haut, de Projet de loi 6431, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Stroosseverkéier. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an et huet kee Riedner sech ageschriwwen, ausser natierlech de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Spautz, deem elo d'Wuert kritt.

**7. 6431 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 6431 ass den 3. November 2012..., den 3. Mee, pardon, vum Nothaltegeektsminister an der Chamber déposéiert ginn. De 26. Juni huet de Statsrot an aviséiert. Dernieft hunn d'Chambre de Commerce de 14. Mee an d'Chambre des Métiers gradesou wéi d'Chambre des Salariés de 7. Juni hiren Avis zum Projet ofginn. Den 21. Mee 2012 huet d'Kommissioun mech zum Rapporteur ernannt. De 4. Juli hu mir an der Kommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot aviséiert, a schonn den Dag drop konnt de Rapport ugehall ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet ass kuerz, awer wichteg, well e Führerschäinsexaminatore betrëfft, fir genau ze sinn, d'Konditiounen vun hirem ministeriellen Agrément. Vill Jonker, déi grad amgaang sinn, hire Permis ze maachen, denke bestëmmt elo mat Entsetzen un den Examinateur, deem am Exame wäert op si waarden. Mä dëst ass en extrem wichtige Beruff, well si letztendlech mat Entscheedungen treffen, wien op eise Stroossen dierf fieren.

Nieft dem Agrément geet de Projet och nach op de legislative Kader, an deem si hir Aarbecht ausüben, an. Heibäi gëtt sech engersäits op e momentan nach bestehend Reglement vum 2001 baséiert an anerersäits iwwert d'Direktiv 2006/126, wat d'Europäescht Parlament gestëmmt huet a wat mir mussen transposéieren. Dës Annex dréit den Titel „Normes minimales applicables aux personnes qui font passer les épreuves pratiques de conduite“.

Dës Annex definéiert souwuel de Wëssensstand souwéi och d'Kompetenzen, déi en Examinateur muss hunn, fir säi Beruff adequat auszeüben, wéi och d'Moosnamen, déi d'Examinatore mussen huelen, fir hire Wëssens- a Kompetenzniveau am Laf vun hirem Berufsliewen ze halen. Folglech geet de Projet de loi op d'Konditiounen, fir Examinateur ze ginn, an.

Des Weideren ass virgesinn, dass den Examinateur sech am Kader vun enger Formation continue regelméisseg Kontrolle muss ënnerzéien, fir säi Beruff mat der beschtméiglecher Qualitéit auszeüben.

Wéi gesinn dann déi Konditiounen, fir den Accès zum Beruff vum Examinateur ze hunn, aus?

Ufänke muss ee mat enger Formation initiale obligatoire, déi vum Ministère de la Formation professionnelle ugebuede gëtt. De Projet schaaft och eng Examenkommissioun, déi d'Programmer an d'Methoden an d'Exame festleet. Zudeem leet de Projet de loi och déi grouss Prinzipie vun der Formation continue fest wéi och vun der Qualitätskontroll, déi der Kompetenz vun der Société nationale de circulation automobile ënnersteet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Mir hunn...

**(Hilarité générale)**

Mir hunn déi nach all als SNCT, dat heescht Société nationale de contrôle technique an Erënerung, mä deem Numm ass viru Kuerzem geännert ginn. Laut dem Text vum Projet ass et den Direkter, oder deem säin Délégué, deem déi néideg Moosname muss huelen, fir dass d'Examinatoren de Konditiounen vun der Formation continue gerecht ginn. Den Transportminister iwwerpréift dann dës Habilitatioun, andeems hien den Examinatoren den Agrément gëtt, fir hire Beruff auszeüben. Dësen Agrément gëtt fir eng Dauer vu fënnef Joer ausgestellt.

Parallèll gesäit de Projet de règlement grand-ducal vir, de legale Kader ze preziséieren an dat virun zitéiert Reglement vum 2001 ze abrogéieren. Dëst neit Reglement leet dann de Programm an d'Modalitéit vun der Basisformation fest, d'Organisatioun vun den Examen fir den Agrément ze kréien, d'Detailer vun der Examenkommissioun, d'Modalitéit vun der Ausstellung vum Certificat de qualification an och d'Composant vum sougenannten „contrôle d'assurance de la qualité“.

Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass an deene verschiddenen Avisen näischt dra war vun de Berufschamberen, déi d'Zoustëmmung ginn hunn. Just an deem vum Statsrot ass drop higewise ginn, dass si léiwer hätten, mir géifen all déi Saachen net an d'Gesetz schreiwen, mä an e Règlement grand-ducal, d'Detailer.

An domadder géif ech lech och haut bieten, dësem Projet d'Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Rapporteur. Wéi mer dat vun him gewinnt sinn, war hie méi wéi komplett a mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6431 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6431 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM.*





Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Serge Wilmes), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert (par M. Marc Lies), Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

## 8. Hommage à M. Paul Helminger

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut de Mëtten ass déi lescht öffentlech Chamberssitzung, un där eise Kolleeg a Frënd Paul Helminger deelhält. Hien huet décidéiert, um Enn vun dëser Sessioun säi Mandat niddерzeleeën. Erlaabt mer bei Geleeënheet vun dëser Sitzung, e puer Wuert an all Ärer Numm un hien ze riichten.

De Paul Helminger ass 1940 zu Esch gebuer ginn. A senger Kandheet, déi hien an der Stad verbruecht huet, erlieft hien, wéi eist Land nei opgebaut ginn ass, awer och, wéi Europa entstanen ass. Dës Erfahrunge sollten him säi Liewen dach ganz staark prägen.

No senger Première, déi hien am Kolléischt gemaach huet, ass hien niewent Droit op der Sorbonne och politesch Wëssenschaften am Institut d'études politiques zu Paräis studéiere gaangen an 1964 huet hie säin Doktorat am Droit hei zu Lëtzebuerg ofgeschloss an huet dann op der Stanford University a Kalifornien säi Master a politesche Wëssenschafte gemaach.

1966 huet hien als Attaché de légation am Aussemistère ugefaangen, wou hien och am diplomateschen Déngscht séier virukomm ass an op d'Ambassade zu London geschéckt gouf.

1974 huet den deemolege Statsminister Gaston Thorn hien als Chef de cabinet designéiert. De Paul Helminger, dee virdu jo haaptsächlech an der Aussepolitik aktiv war, huet du seng éischt innenpolitesch Schrëtt gemaach, déi dann och dozou gefouert hunn, datt hien der Demokratescher Partei 1974 bäigetrueden ass, aus Iwwerzeegung un déi Wäerter, déi dës Partei ëmmer vertrueden huet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - 1979 gouf hie Statssekretär am Aussen- an am Aussenhandelsministère, am Wirtschafts- a Mëttelstandministère an am Justizministère. De Paul Helminger war also derbäi, wéi de Lëtzeburger Modell entworf an an d'Praxis ëmgësat gouf. Hien huet un der Diversifizéierung an dem Gestalte vun neie Weeër an der lëtzebuergescher Wirtschaft matgeschafft. Als Statssekretär huet hien d'Instrumenter fir e moderne Management vun der Entwécklungshëllef geschaf an eng qualitätsorientéiert Aussenhandelspolitik op d'Bee gesat.

1984 huet de Paul Helminger d'Regierung verlooss, fir an d'Privatwirtschaft ze goen. Hien hat bis 1989 eng privat Berodungsfirma fir Kleng- a Mëttelbetriber a war awer och Europageneraldirekter vun enger grousser amerikanescher PC-Firma.

No senger Regierungszäit ass de Paul Helminger niewent senger wirtschaftlechen Aktivitéiten dann och an der Nationalpolitik aktiv ginn. An esou ass hien 1984 fir d'éischt an d'Chamber gewielt ginn. Während sengem Mandat als Deputéierten huet de Paul Helminger sech och am Joer 1987 fir d'éischt um gemengepoliteschen Niveau enger Wahl gestallt a koum och direkt an de Stater Gemengerot, wou hien dräi Joer drop Schäffen a schonn nëmmen aacht Joer méi spéit Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg ginn ass.

Als Buergermeeschter sinn him déi Erfahrungen, déi hien als Statssekretär, awer och am Privatsektor gemaach huet, zeguttkomm an hien huet seng Stad virun allem ëmmer als en Déngschtleschtungsbetrib am Interess vum alle Bierger vun der Hauptstadt ugesinn. Ech hat perséinlech sechs Joer de Pléséier, mam Paul

am Schäfferot vun der Stad zesummenzeschaffen, an ech muss lech soen, datt ech dës Zäit op kee Fall wéilt mëssen.

Ënner sengem Impuls huet d'Stad sech staark weiderentwéckelt; wann ech nëmmen un d'Projete Centre Hamilius, Rocade de Bonnevoie an de Ban de Gasperich denken, fir nëmmen déi wichtegst hei opzezielen.

Wat mech awer perséinlech ëmmer ganz besonnesch beim Paul beandrocht huet, ass seng net ideologesch, mä pragmatesch Aart a Weis, mat där hien un d'Dossieren erugaangen ass an déi him eigentlech och ëmmer erlaabt huet, Léisungen ze fannen. An ech mengen och duerfir soen ze kënnen, datt an deene leschte Joren de Paul virun allem mat Leif a Séil Buergermeeschter vun eiser Hauptstadt war.

Wat elo seng nationalparlamentaresch Carrière betrëfft, ass de Paul Helminger säit de Chamberswahlen 1994 ëmmer erëmgewielt ginn, soudatt hien am Ganzen 23 Joer Member vun dësem Haus war. Hien huet sech während all deene Jore seng Kompetenz an Erfahrung a ville Beräicher zu Notze gemaach, ganz natierlecherweis an der Aussen- an Europapolitik, mä awer och an der Landesplanung a bei Gesetzer, déi de Gemengesektor betraff hunn.

Mä dëst nationalparlamentarescht Engagement huet hien awer ni dovun ofgehalen, sech och fir d'Gestalte vun engem gemeinsamen Europa staarkzemaachen. Esou war hir Member vun der Konventioun iwwert d'Zukunft vun Europa an huet sech och iwwer Joren an deene verschiddensten internationalen Delegatiounen vun der Chamber mat Iwwerzeegung agesat.

De Paul Helminger huet bis elo e Liewe gefouert, dat sech ëmmer tëschent Diplomatie, Politik a Wirtschaft ofgespillt huet. Hien huet d'Décisioun geholl, datt an der nächster Zäit erëm méi déi wirtschaftlech Aspekter am Mëttelpunkt vu sengem berufleche Schaffe wäerte stoen. Ech sinn och dofir iwwerzeegt, datt hie mat ganzer Kraaft sech senger neier Aufgab als President vum Verwaltungsrout vun der Luxair wäert stellen. Eng Aufgab, déi sécherlech net zu deenen einfachsten a senger laanger Carrière wäert gehéieren.

Ech wéilt an all Ärer Numm him e grouesse Merci soe fir dat, wat hien an all deenen 23 Joer hei an dësem Haus geleescht huet an him dat Allerbeschta a senger neier Missioun wënschen. Merci Paul, a bonne Chance!

**(Applaudissements)**

► **M. Paul Helminger (DP).** - Här President, ech weess, datt Der elo alleguerte vu mir eng stonnelaang Ried erwaart. Mä Dir hat emol eppes gesot vun engem Patt. An dee gëtt waarm an dat ass net gutt. Dofir, wann ech sollt e puer Wuert soen, géif ech déi gradesou gären donidde soen.

Merci fir d'Nolauschteren!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

**(Brouhaha)**

## 9. Discours de M. le Président

► **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, elo si mir um Enn vun eiser leschter öffentlecher Sitzung vun dëser Sessioun ukomm. Erlaabt mir dofir, wéi dat elo schonn Traditioun ginn ass, e kuerze Réck- awer haaptsächlech Ausbléck op eis parlamentaresch Aarbechten ze maachen.

Wat déi statistesch Auswärtung vun de legislativen Aarbechten ueget, wëll ech lech den Owend net mat Zuele langweilen. Dir hutt virdu e Relevé ausgedeelt kritt, wou Der all Detailler fannt. Wéi Dir feststelle kënnt, huet d'Chamber och erëm während deene vergaangene Méint eng zolidd Aarbecht geleescht, souwuel wat d'Debatten hei am Plenum betrëfft wéi awer och ganz besonnesch um Niveau vun de Kommissiounssitzungen.

Ech wëll och elo hei keng detailléiert Analys maachen, mä awer just e puer Zuelen erauspicken. An der Sessioun 2011/2012 hate mir vun Oktober u bis elo 38 öffentlech Sitzungen. An der Sessioun virdu waren et der 46. Parallell hate mir an deene leschten zéng Méint 516 Kommissiounssitzungen. Déiselwecht Period zejoert waren et der 572. Dës Sessioun hu mer 81 Gesetzesprojete gestëmmt. Déi Sessioun virdu waren et der 102. Allerdéngs muss een hei mat berücksichtegen, datt manner Direktiven ëmgësat gi sinn, wat dann och zu engem Deel dës Zuelen erkläert.

Generell kann een hei eng kloer Tendenz feststellen: D'Dossiere ginn ëmmer méi komplex a verlaangen eng méi intensiv a laang Preparatioun souwuel op Säite vun der Regierung, vum Statsrot wéi vun der Chamber. Dëst erkläert dann och, datt d'Diskussiounen sech ëmmer méi vum Plenum an d'Kommissiounen verlagere. Eng Tendenz, déi ee scho säit enger Rei vu Jore ka feststellen, iwwerengs net nëmmen hei am

Haus, mä och a ganz ville Parlamenten an eisen Nopeschlänner. D'Aart a Weis, wéi an der Chamber diskutéiert gëtt, ass sécherlech net méi déiselwecht wéi virun zéng oder 15 Joer. An d'Zuelen, déi ech virdu genannt hunn, soen och näischt iwwer eng qualitativ gutt oder schlecht legislativ Aarbecht aus, well manner kann och méi sinn. „Moins légiférer pour mieux légiférer“, en Zil, dat sech all nationaalt Parlament eigentlech sollt op de Fändel schreiwen.

Nach kommen ech awer net derlaanscht, feststellen, datt mer an enger Rei vu Gesetzesprojeten net esou virukomm sinn an de leschte Méint, wéi mir eis dat virgestallt haten. An ech denken do ënner anerem un déi gesellschaftspolitesch Sujeten, wou ech mir géif wënschen, datt mer zesumme mat der Regierung an der nächster Sessioun e Gank méi kéinten aleen an och endlech Neel mat Käpp géife maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst bréngt mech zu engem anere Punkt, dee mir um Härz läit, an zwar dee vun der Europapolitik, dëst ganz besonnesch am Kontext vun der Roll vun den nationale Parlamenten. Ech hat lech d'lescht Joer ëm déiselwecht Zäit vun enger gewëssener Verdrësslechkeet geschwat, déi mir Parlamentarier an och d'Bierger dobausse spieren, wann et ëm d'Europapolitik geet.

Wann ech elo no engem Joer de Bilan géif maachen, muss ech lech agestoen, datt dës Politikverdrësslechkeet leider net ofgehall huet. Au contraire hunn ech d'Gefill, datt ëmmer méi Bierger dobaussen an an eisem Land sech Gedanken a Suergen ëm d'Zukunft vun der Europäescher Unioun maachen, dëst ganz besonnesch am Kontext vun deenen diverse Rettungsmechanismen, déi mir hei gestëmmt hunn.

Wann een déi lescht Méint Revue passéiere léisst, stellt ee fest, datt beim europäesche Krisenmanagement alles ëmmer muss méi séier goen, méi Suen zur Verfügung gestallt ginn a méi Rechter vun den nationale Parlamenten, ganz besonnesch um Niveau vun der Budgetpolitik, ageschränkt ginn. Ganz besonnesch déi lescht Feststellung muss all Parlamentarier ze denke ginn, well et ganz besonnesch bei der Budgetpolitik ëm déi wichtegst Rechter vun den nationale Parlamenten geet an et net hei ka sinn, datt d'Parlamenten nëmmen eng Nieweroll spillen, andeems si Décisiounen vun hire jeeweilige Regierungen just nach duerchwénken.

An deenen neie Gesetzespäck zum Fiskalpakt an zum Euro-Rettungsschiem ESM geet et ëm Milliardenzommen an ëm Rechtskonstruktiounen, wéi den Droit commun se bis elo nach net kannt huet. Dës nei Mechanisme gräifen an de Kär vun der Budgetautonomie vun den nationale Parlamenten an, déi en Deel vun hire Kompetenzen an dësem Beräich un hir Regierungsvertreieder iwwerdroen, ouni datt si deenen hir Décisiounen um Niveau vum Conseil des gouverneurs an Zukunft nach direkt kënne beaflossen.

Et ass duerfir fir mech absolut onerlässlech, datt déi national Parlamenten weider enk an déi Entscheedungsprozedur mat agebonne ginn, andeems se am Virfeld an och duerno vun der Regierung iwwert d'Décisiounen ganz genau informéiert ginn. Dës Zesummenaarbecht schéngt mer bis elo och relativ gutt ze klappen, well d'Finanzkommissioun jo regelméisseg vum Finanzminister iwwert dës Décisiounen informéiert gëtt.

Wat mir allerdéngs e bësselche Kappzerbrieches mécht, ass, datt d'Parlamenten deelweis ënner enormem Zäitdruck Décisiounen vun hire Regierung solle guthieschen, wat bei där enormer Komplexitéit vun deenen Décisiounen d'Parlamenten quasiment virun oniwierbréckbar Schwieregkeete stellt. Besonnesch a Krisenzäite brauch d'Politik och emol Momenter, fir iwwer grondleeënd Entscheedungen nozedenken, awer och fir Entscheedungen, déi scho geholl gi sinn, frësch ze bewäerten. Politeschen Zäitdruck, och an Zäite vun där Kris, an där mir eis befannen, ass keen Argument, fir d'Demokratie auszehiewelen. D'Parlament muss informéiert ginn, et muss bedeelegt bleiwen!

Duerch de Vertrag vu Lissabon hunn d'Parlamenten weider Kompetenz kritt. Datt si hir Roll eescht huelen, huet sech am Mee dëst Joer gewisen, wéi iwwer een Drëttel vun deenen nationale Parlamenten e Projet vun der Europäescher Kommissioun gestoppt hunn, well e géint de Subsidiaritätsprinzip verstéisst. Dat weist och, datt déi national Parlamenten amstand sinn aktiv un der Gestaltung an dem gudden Fonctionnement vun der europäescher Politik deelzhuelen.

Léif Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, wa mir eis Gedanken iwwert d'Roll vun den nationalen Parlamenten an domadder vun eiser Chamber an der Gestaltung vun der Europapolitik maachen, esou komme mer net derlaanscht eis och ze hannerfroen, ob mir, esou wéi mer am

Moment hei opgestallt sinn, déi extrem grouss Erausforderungen, déi an deenen nächste Wochen a Méint nach wäerten op eis zoukommen, kënne packen. Ech plädéieren derfir, datt mer nach méi, souwuel an de Kommissiounen, mä awer och ganz besonnesch am Plenum iwwer europapolitesch Sujeten diskutéieren a versichen, dem Bierger se méi no ze bréngen.

Ech begrëissen duerfir och ganz besonnesch, datt de Statsminister sech d'lescht Woch vill Zäit geholl huet, fir eis alleguerten iwwert d'Resultater vun leschten EU-Conseil ze informéieren. Ech hunn iwwerengs fonnt, datt déi Debatt, déi sech un déi Deklaratioun vum Statsminister ugeschloss huet, eng vun deene war, déi der Chamber zur Eier gereecht huet, an ech géif mir wënschen, datt mir an Zukunft méi oft esou Debatten iwwer europapolitesch Sujeten am Plenum hätten.

Ech wäert duerfir bei der Rentrée d'Initiativ huelen, d'Presidente vun alle Fachkommissiounen zesummenzerufen, fir mat hinnen ze analyséieren, wéi mir nach méi a besser europapolitesch Sujeten am Plenum kënnen thematiséieren. Mam Generalsekretär zesumme sinn ech och amgaang ze kucken, wéi mir dës Aarbechtsaart a -weis nach kënnen optimiséieren an eis Kompetenzen an deem Domän erweideren.

Bei all guddem Wëllen, dee sécherlech bei jidderwerengem vun eis besteet, sinn ech dach iwwerzeegt, datt déi deelweis schlecht Meenung, déi vill Bierger vun der Europäescher Unioun hunn, drop zrëckzeféieren ass, datt d'Politik am Allgemengen a mir alleguerten am Speziellen eis dach vill ze vill oft mat deenen negativen Aspekter vun dëser Unioun beschäftegen.

Ech géif duerfir un eis alleguerten en Appel maachen, bei all berechtigter Kritik un der Europäescher Unioun an hiren Institutionen, dach och erëm méi dat villt Positiivt ze ënnersträichen, wat dës Europäesch Unioun an den Euro hire Bierger an deene leschte Jorzéngte bruecht huet. Ech si perséinlech dervun iwwerzeegt, datt e friddelecht, fräiheetlecht a wirtschaftlech staarkt Europa eis Zukunft ass! A mir hunn als Parlament d'Flicht an d'Aufgab, d'Bierger mat op dee Wee vun esou engem Europa ze huelen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer zum Schluss vun der leschter Sitzung vun dëser Sessioun nach eng Kéier op d'Bedeutung vun den nationalen Parlamenten hinzewiesen. Demokratie ass keng Veranstaltung nëmme fir gutt Zäiten. Si muss sech och a Krisenzäite bewiesen an d'Parlamenten sinn d'Fundament vun där Demokratie. Wie versicht dës Parlamenten ze ëmgoen, dee verstärkt en fait déi Krisen, déi mir musse bewältigen. Wa mir wëllen, datt d'Bierger dobaussen erëm méi Vertrauen an d'Europäesch Unioun kréien, mussen d'Parlamenten déi Roll spillen, déi hinne laut Verfassung zoukënn. An et kann och kee gutt Argument ginn, och net d'Scholdekris, wat eng Beschneidung vun de fundamentale Rechter vun engem Parlament ka justifiéieren.

An ech géif wëlle mat engem Zitat vum President vum däitsche Verfassungsgeriicht, Andreas Voßkuhle ofschléissen, dee gesot huet: „Demokratie hat ihren Preis. Bei ihr zu sparen, könnte aber sehr teuer werden.“

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, um Enn vun dëser öffentlecher Sitzung soen ech lech all en härezeche Merci, de Mataarbechter aus dësem Haus, mat virop dem Generalsekretär Claude Frieseisen a sengen zwee Adjoints, Isabelle Barra a Benoît Reiter, de Mataarbechter aus de Fraktiounen a politesche Sensibilitäten, der parlamentarescher Press, dem Sécherheetpersonal. Mäi Merci geet awer och un d'Membere vun der Regierung an deenen aneren Institutionen aus dem legislative Prozess.

An erlaabt mir, lech elo schonn eng erhuelsam Vakanz ze wënschen, och wann nach eng Rei vu Kommissiounen an deenen nächsten Deeg wäerte stattfannen. A fir datt Dir an Ärer Vakanz heiheem oder am Ausland awer permanent kënnt mat der Chamber verbonne sinn, weisen ech lech alleguerten op déi nei Chamber-App fir Äre Smartphone hin, déi et säit Kuerzem gëtt an iwwert déi Dir ëmmer an iwwerall all Informatiounen vun der Chamber kënnt consuléieren.

Ech soen lech Merci a wënschen lech eng ganz schéi Vakanz!

**(Applaudissements)**

Mir sinn elo um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 19.59 heures)**